N°5274
Reçue le 23.11.2021
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.11.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister vir Gesondheet ewéi un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

Laut eisen Informatiounen hätt den Här Educatiounsminister eng Note de service un d'Léierpersonal erausginn déi ab dem 1. Dezember 2021 soll applizéiert ginn, wou ënnert anerem de Covid-Check System agefouert gëtt bei Reuniounen vum Schoulpersonal. De Covid-Check géif ënnert dem Prinzip vum «*auto-contrôle*» lafen. Et kéinten awer och méiglech Kontrollen op Demande duerchgefouert ginn.

Wat den Covid-Check an der Aarbechtswelt en général ubelaangt, ass Folgendes am Gesetz markéiert :
*« Tout chef d'entreprise ou d'administration peut décider de placer l'ensemble de son entreprise ou administration, ou une partie seulement, sous le régime CovidCheck. Concernant le secteur public, il appartient au chef d'administration de veiller à ce que l'accès au service public reste garanti.»*

Feststellend datt am Gesetz net vum «principe de l'auto-contrôle» Riets geet, wéilte mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Stëmmen eis Informatiounen datt de Covid-Check System bei Reuniounen vum Schoulpersonal agefouert gëtt, an ënnert dem «*principe de l'auto-contrôle*» leeft ?
- Wéi gesäit dësen «*principe de l'auto-contrôle*» aus ?
- Ass deen «*principe de l'auto-contrôle*» konform zum Gesetz ?
- Falls net, aus wéi engem Grond kann dësen Prinzip dann an de Schoulen ugewannt ginn?
- Wien iwwerhëlt déi méiglech Kontrollen op Demande déi de Minister virgesäit?
- Wien huet d'Responsabilitéit bei Verstéiss an/oder Abusen?
- Wann dës Sonderreegelung vir d'Schoul gëllt, gëllt dës Méiglechkeet vum «principe de l'auto-contrôle» och fir all Administratiounen a Servicer vun der Fonction publique souwéi och fir all Lëtzebuerger Entreprisen ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Claude Wiseler
Deputéierten

N° 5274
Reçue le 24.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5274 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler**

Op der Basis vun de legalen Dispositiounen, déi zu deem Moment ze applizéiere waren, hunn d'Servicer vum Educatiounsministère (MENJE) Recommandatioune fir d'Aféierung vum Covid Check-Regime an den ëffentleche Grondschoulen a Lycéeën ausgeschafft. Dës *Recommandations en vue de l'introduction du régime Covid check en milieu scolaire* goufen den 29. Oktober 2021 un d'Regionaldirektiounen an d'Lycéeën diffuséiert.

D'Direktiounen hunn doropshin Instruktioune betreffend de Covid Check-Regime ausgeschafft an un d'Schoulpersonal kommunizéiert. An deenen Instructions de service hu si de Recommandatioune vum MENJE Rechnung gedroen.

Et sief hei nach eng Kéier explizitt drop higewisen, datt de Covid Check-Regime net am Kader vun den obligatoresche schouleschen Aktivitéiten ze applizéieren ass. De Covid Check-Regime applizéiert sech just op vereenzelt Reunioune vun de professionellen Acteure vum Schoulwiesen.

An den uewe genannte Recommandatioune gëtt de Covid Check-Regime am Kontext vun de Reunioune vum Schoulpersonal nuancéiert: Et gëtt recommandéiert, d'Réunions plénières am Covid Check-Regime ze organiséieren, well et am Kontext vun dëse Reuniounen zu gréissere Rassemblementer vun Enseignantë kënnt an et keng Méiglechkeet gëtt, iwwer Videokonferenz un dëse Reuniounen deelzehuelen.

Aner Reunioune vun Enseignanten ënnerleien och dem Covid Check-Regime, wann se "en présentiel" organiséiert ginn; Persounen, déi d'Critèrë vum Covid Check net erfëllen, kënnen an dësem Zesummenhang iwwert Videokonferenz innerhalb vun de Gebailechkeete vun der Schoul deelhuelen.

Zousätzlech ass virgesinn, de Covid Check-System a verschiddene Raimlechkeeten anzeféieren, wéi zum Beispill der Salle des enseignants oder an anere Raim, an deenen d'Schoulpersonal sech gemengerhand baussent de Schoulzäiten ophält (zum Beispill an enger Kitchenette). Well et sech hei net ëm organiséiert Reuniounen, mee éischter ëm aleatoire Rassemblementer mat engem informelle Charakter handelt, gouf aus prakteschen Iwwerleeungen eraus de Prinzip vum Auto-Contrôle proposéiert, deen net inkompatibel mam Gesetz ass. D'Schoulpersonal huet dobäi d'Méiglechkeet offréiert kritt, zousätzlech Kontrollen unzefroen, dëst vu Säite vun der Direktioun. Et ass dann och un der Direktioun, Verstéiss géint de Covid Check-Regime ze sanctionnéieren.

Duerch d'Adaptatioun vun der *Loi du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19* gëtt de sougenannten "3G-Regime" op der Aarbechtsplaz obligatoresch; doduerch verléieren déi am November kommunizéiert Recommandatiounen hir Bedeitung.

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH